

**PROJET DE LOI N°6578**  
**portant**

1.

**Intervention de Sylvie Andrich-Duval le 20 mai 2015**

Här President,

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Madame Minister,

- Un éischter Stell dem Rapporteur Merci fir säin detailléierten schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

Dëse Projet ass eng eemoleg Chance endlech och hei zu Lëtzebuerg e neien Gesondheitsberuff, de Beruf vum Psychotherapeut anzeféieren, Am Numm vun der CSV begréissen ech, datt et zu dëser gesetzlecher Regelung kënnt.

Awer och als diploméiert klinesch Psychologin, déi praktesch 15 Joer laang um Terrain geschafft huet, drécken ech meng perséinlech Satisfaktioun aus.

- En absolut wichtegt Gesetz, well grad Persounen mat psycheschen Krankheeten méi vulnérabel an och nët seelen marginaliséiert sinn. An hirer oft verzweifelter Sich no Hëllef falen se gären guttgleeweg

op onprofessionnell an onsériös Näischnotzen eran, an sinn elo besser geschützt.

- Nët nëmmen d'Qualitéit vun der Behandlung vun psychesch kranke Leit gött verbessert, mee et soll zu enger, hoffen ech, diversifiéiert Offer vun Behandlungen fir hir Stéirungen kommen.
- En absolut néidegt Gesetz, am Beräich vun der öffentlecher Gesondheetsversuergung, daat di psychesch Gesondheet vun de Bierger soll verbesseren, a wann et da bis gräift, insgesamt manner Käschten op d'öffentlecht Gesondheetswiesen wärten duerkommen: Manner Spidolsopenthalter, manner Medikamentverschreiwungen, an aner medezinesch Käschten, manner Krankeschäiner, manner Rechutën, manner fréizäiteg Pensionnéirungen, manner Chômage.
- D'Entlaaschtung vun den Psychiatren wärt eng méi schnell Prise en charge erméiglechen,
- Dass d'Gesondheetskees verschidden Leeschtungen vun de Psychotherapeuten rembourséiert, soll e gleichen Accès fir all Betraffenen garantéieren a seng Rechter domat stärken.

D'gesellschaftlech Entwëcklung an den sozioekonomeschen Kontext bréngen et effektiv mat séch, dass ëmmer méi Leit psychesch Problemer a Krankheeten kréien. Oft kommen zousätzlech Facteuren derbäi: aner Gesondheetsproblemer, sozial Problemer.

Laut den Global Health Estimates 2014, vun der Weltgesondheetsorganisatioun (OMS), erginn di gemeinsam

statistesch Erhiewungen an den EU-Länner, Island, Norwegen an der Schweiz, dass 27%, also bal en Drëttel, vun der erwuessener Bevölkerung op mannst un enger vun enger Rei psycheschen Stéirungen am leschte Joer gelidden hunn.

An de Länner mat héigem Akommes fannen 90% vun den Suiciden hiren Ursprung an psycheschen Krankheeten, wéi Depressiounen oder Psychosen (Schizophrenie). Eleng 12% sinn op den Alkohol zréckzeféiren. Den fréizäitegen Stierfrisiko leit 40-60% méi héich bei dësen Persounen.

D'Konsequenzen vun den psycheschen Krankheeten sinn enorm, nët nëmmen fir di betraffen Famill, wann dann eng do ass, mee och den wirtschaftlechen Impakt ass grouss duerch di héich Zuel Liewensjoeren mat Incapacitéit. Psychesch Krankheeten an der Aarbechtswelt, oft stressbedingt an duerch Mobbing, huelen alarmant zou, also och d'Ausfallzäiten mat besonnesch Laangzeit-Krankeschäiner - 23% hei zu Lëtzebuerg- grad esou wéi di fréizäiteg Pensionnéirungen oder de Chômagerisiko.

Och de Produktiounsausfall ass héich. D'OMS schwätzt, laut enger rezenter Etude, vun engem geschätzten cumuléierten weltweiten Impakt vun den psycheschen Krankheeten op den wirtschaftlechen Produktiounsausfall vun 16.300 Milliarden US Dollaren zwëschen 2011 an 2013, dat wieren bal 14.500 Milliarden €

Laut den Mental health facts vun der OMS hunn 20% vun de Kanner a Jugendlechen weltweit psychesch Stéirungen oder Problemer. A 50% vun de Fäll brieden di psychesch Stéirung virun 14 Joer aus.

Vleit misst eis Gesellschaft sech och emol heizou Froen stellen. Muss den Drock an der Aarbechtswelt, an der Schoul an ergo och an der Famill ëmmer méi grouss ginn?

Nach zevill dacks kréien Persounen mat schwéiren psycheschen Krankheeten nët di néideg Behandlung a sinn nët genuch informéiert wou se Hëllef kënnen kréien. Och a Länner mat héigem Akommes, leit deen Taux, laut OMS, esou guer zwëschen 35% an 50%! Et ginn also zu Lëtzebuerg onbedéngt méi qualifizéiert Leit gebraucht fir dës Behandlungen, och nët medikamentös Therapien, duerchzeféieren.

Dofir ass dëst Gesetz och iwerfällg.

D'Generalisten stinn un éischer Front an mussen an hirer wichteger Roll gestärkt ginn. Et sinn der eng ganz Rei vun hinnen, déi elo schon an och weiderhin wëllen psychotherapeutesch schaffen. Niewt hinnen stinn och divers psychosozial Zervisser, d'Schoul, d'Aarbechtswelt an der 1. Linn. Wichteg ass, dass si sensibiléiert sinn fir dëst mat Zäit ze detektéieren an d'Leit virunzeleeden.

Ech verweisen op d'Diskussiounen zum Nationalen Suizidprevention's Plang d'lescht Joer hei an der Chamber. Just als Rappel, dass een de Moment hei zu Lëtzebuerg fir bei engem Psychiater, Psychotherapeut oder Psycholog bäizekommen tëschent 2 Wochen bis 4 Méint muss waarden. Bis dohinn hu séch awer d'Problemer drastesch verschlëmmert. D'Gesondheetskees hëllt allerdéngs näischt en charge, ausser et geet een bei den Dokter oder an d'Spidol.

Esou wäit zum Kontext.

Vu dass de Rapporteur den Gesetzestext schon am Détail virgestallt gouf, beschränken ech mech, Här President, wert Kolleginnen a Kollegen op e puer allgemeng Remarken a verschidden Schwéierpunkten.

Allgemeng gesinn, war et effektiv nët esou einfach bis mer dee Gesetzestext hei virleien haaten.

En éischten Ulaaf, an den 90er Joeren, war leider gescheitert. 2013 hat dunn en Aarbechtsgrupp den komplett Text iwerschafft, op Initiativ hin vun der Psychologiesektioun vun der UNI Lëtzebuerg, déi zesummen mat der Lëtzebuerger Gesellschaft fir Psychologie (SLP), mat Ënnerstëtzung vum Collège médical, d'Verdéngschter dorun hunn.

Esou wéi den initialen Text vum Gesetzesprojet verfaasst war, wier d'Gesetz awer nët praktikabel gewiescht.

Trotz Avisën vu verschiddenen ausgewielten professionellen Associatiounen an Instanzen am Virfeld, niewebäi gesot, op enger anerer Textviirlag wéi déi déi deposéiert gouf, war den Projet nët genuch duerchduet an di jeweileg Gesondheitsministeren hunn di politesch Envergure vum Gesetz total ënnerschätzt.

Nët nëmmen d'CSV huet zu engem fréien Zäitpunkt fonnt, dass den Text d'Strooss nët giff halen, mee de Staatsrot huet eng sëllechen Oppositions formelles ausgesprach wéinst inhaltlechen Inkoherenzen, juresteschen Onsécherheeten an Nët-Konformitéit zum EU-Recht, niewt enger ganzer Rëtsch Remarquen.

Och wa jiddereen séch eens war, et wier eng gutt Saach fir de Beruff vum Psychotherapeut ze regelen, koum et dunn zu enger Protestwell vu verschiddenen aneren Beruffsassociatiounen a Gesellschaften, déi nët am Virfeld ëm hier Meenung gefrot goufen. Dat huet dann Presseartikelen gespeist wéi z.B. “Regelung des Psychothérapieausübung- Arbeit im stillen Kämmerlein?” oder “Der Text von dem noch niemand spricht” respektiv “Qu’un débat ait enfin lieu”.

Déi betreffen Associatiounen a Sociéitéiten hunn dunn op eege Fauscht d'Chamber saiséiert a wollten och gehéiert ginn.

Hei huet laang kee Wëllen vun der Majoritéit bestaane fir daat ze maachen. Et sollt just de Rapporteur mat hinne Récksprooch halen. De Projet sollt einfach duerchgeboxt ginn. An dat an enger blo-rout-gréng

Majoritéit, déi sech Transparenz an Dialog als iewescht Prioritéit op den Hutt geschriwwen huet!

D'CSV huet séch awer dogéint gewiert. Mir betrieden jo schlussendlech Neiland bei der Schaafung vun engem neien Berufsstand an do muss een d'Leit vum Terrain matt abannen.

Eréischt wéi den Drock ëmmer méi grouss gouf an och de Staatsrot di selwecht Froestellungen opgeworf huet, ass et schlussendlech zu enger Rei Entrevuën mat deenen Betraffenen komm, waat mir als CSV wärmstens begréisst hunn.

Allerdéngs ass den Collège médical, trotz Ufro, nët invitéiert ginn an d'Stëmm vun den Patientenassociatiounen, respektiv vun hiren Famillen feelt ganz an deem Dossier.

Och huet di interministeriell Concertatioun ze wënschen iwreg geloss.

D'CSV bedauert och deen knappschen Exposé des motifs:

- Just e puer Wieder iwert d'Problematik vun de psycheschen Problemer mat engem Renvoi op aal international Donnéeën.
- Keng Donnéeën iwert de genauen Stand vun der Santé mentale hei zu Lëtzebuerg, ob Erwuessener oder virun allem Kanner a Jugendlech, ganz einfach well mer kéng hunn oder se nët prëtt sinn!
- Keen Iwerbléck, mol nët schätzungsweis, iwert di Professionnell déi vun dem Gesetz betraff sinn.
- Kee Wuert iwert di aktuell therapeutesch Offer.

De Gesetzesprojet orientéiert sech haaptsächlech um däitsche Modell, ee vun deene restriktivsten an Europa ass, a geet esou guer deelweis nach doriwer eraus. D'CSV steet och fir eng héich Qualitéit am Sënn vum Patient, mee et hätt ee nach méi konsequent e Verglach mat deenen aneren Länner maachen, seet iwregens de Staatsrot och.

Verstidd mech nët falsch, d'CSV Fraktion begréisst datt endlech gehandelt gët an de Beruf vum Psychothérapeut soll unerkannt gin.

Mir hunn eis vun Ufank un ganz aktiv a konstruktiv un den Aarbechten bedeelegt an och eng helle Wull Onkloerheeten hannerfrot. D'Haltung vun der Majoritéit war oft: "Mir maachen elo emol den Contenu vum Gesetz an da kucke mer virun". Dat war besonnesch de Fall wéi et iwert de Remboursement vun der Psychotherapie iwert d'Gesondheetskess hiergaang ass. Ofgesinn vun Wichtigkeet vum Projet fir d'Verbesserung vun eiser Gesondheetsversuergung, fannen mir als CSV, dass d'Chamber an hirer Roll ass, Gesetzer ze stëmmen, déi och herno praktikabel sinn an nët eréischt nom Vote ze kucken wat nët klappt!

An deem Sënn hat d'CSV och z.B. en Amendement ausgeschafft, deen awer leider vun der Majoritéit verworf gouf. Dozou spéider méi.

D'Diskussiounen waren och demno lieweg an esou guer d'Majoritéit war séch nët ëmmer eens. Et huet een heinsdo gemengt, d'Kollegen aus der DP giffen zur Oppositoun gehéiren!



Ech woen ze behaupten, dass den Text, dank och den Interventiounen vun der CSV, elo e Stéck besser ass wéi virdrun, mee nach nët gutt genuch! Trotz 3 Serien Amendementer, werft den virleienden Text och elo nach eng Rei froen op.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,

De Beruff vum Psychotherapeut ass e Beruff mat héigen Uspréech, vu di grouss Responsabilitéit, déi heen vis-à-vis vun der Persoun déi heen, mat déer hirem Accord, mat exklusiv psychologeschen an unerkannten Methoden behandelt.

An der Commissioun koum eng Diskussioun op sollt d'Wuert "exclusivement" sollt dra stoen bleiwen. Well et ginn och Fäll wou eng combinéiert Therapie vun Medikamenter an Psychothérapie am efficacsten wieren fir dem Patient ze hëllefen. Woubäi jo kloër ass datt den Psychothérapeute, insofern en nët Psychiater ass, keng Medikamenter ka verschreiwen. Mir als CSV hunn op dës Problematik higewisen an eis gefrot ob et nët besser geiwescht wier de Staatsrot ze suivéieren an d'Wuert ze streichen.

Di next Diskussiounen koumen op bei der ganz breeder Definitioun vun der Psychotherapie, déi, esou den initialen Text, psychesch Stéirungen, Verhalensstéirungen oder all aneren Problem, deen e psycheschen Leidensdrock oder Nout mat séch bréngt, psychologesch behandle soll. Deem géigeniwer stung, dass de Beruff vum

Psychotherapeut awer ganz restriktiv definéiert war, a keen aneren dierft Psychotherapie als Haaptaktivitéit, Niewenaktivitéit oder geléentlech ausüben an och den Titel “Psychotherapeut” droen, ausser di autoriséiert Psychiatren déi jo nët ënnert dëst Gesetz falen.

Scho ganz fréi, an zwar an der Sitzung vum 8.Juli 2014, huet d’CSV an der Commissioun ob Problemer higewisen, déi domatt kéinten fir Professioneller entstoen, déi eng ähnlech Tätigkeet giffen ausüben, wéi eng psychologesch Begleitung oder d’Psychanalyse. Déi hätte riskéiert, esou wéi den initialen Text formuléiert war, an d’Illegalitéit ze faalen.

Betraff gewiescht wier praktesch de ganzen konventionnéierte Secteur vun der Famille, der Educatioun, der Santé, der Egalité des Chances déi am Kader vum sougenannten ASFT Gesetz agréiert sinn, verschidden aner staatlech Institutiounen an Zervisser an Leit mat eegener Berodungspraxis.

Et war am Virfeld nët geklärt ginn, wat fir eng Répercussiounen dat hei Gesetz op d’Gesetz vun 2008 vun Kanner- a Familljenhëllef hätt. Dorënner fällt nämlech den Office National de l’Enfance, ONE, deen d’Missioun huet di psychosozial Hëllefsmoosnamen fir Kanner a Familljen ze koordinéieren, dorënner och psychotherapeutesch Behandlungen.

Hei hun d' Verrieder vum Ministère gemengt waat de Volet ONE géif ugoen, wier an alle concernéierte Strukturen op mannst ee Psychothérapeute.

Ofgesinn dovun, ass awer d'Qualifikatioun vum dem Psychotherapeut do aanescht definéiert wéi an deem heiten Gesetz: fir eng therapeutesch Beroodung sinn do Leit zougeloss mat engem Master an der Psychologie, der Pédagogie oder der Medezin wann se eng Zousazausbildung an der Psychotherapie oder der psycho-affektiver Beroodung hunn vun op mannst 300 Stonnen.

Och d'Psychanalysten wieren mam initialen Text quasi an d'Illegalitéit gefall.

Demno wier en groussen Deel vum der wertvoller, scho méi wéi preventive, Aarbecht am Beräich vun der psychoaffektiver Gesondheet, déi vu Psychologen, awer och vu Pédagogen, Sozialaarbechter, Educateuren an diversen Gesondheitsberuffer, also lauter Leit déi gudd forméiert sinn, nët méi méiglech gewiescht..

Genau aus dësem Grond hu mir als CSV dunn och en Amendement um Artikel 3 ausgeschafft an an der Commissioun vum 16. Juli présentéiert. Do war explizit virzegesinn, datt di psychologesch Begleedungs-Aktivitéiten an d'Psychanalyse nët géifen an de Champ d'application vum Gesetz iwert d'Psychothérapie faalen. D'Belsch huet dat esou fir d'Psychanalyse geregelt. Mer méngen, dass eng ganz

Reih vun Therapien mussen legal bleiwen, och wann se nët rembourséiert ginn an och wann di Leit nët den Titel Psychotherapeut droen, wat se iwregens och nie gefrot hunn.

Dës Propose gouf awer vun der Majoritéit ofgeblockt.

Am Hierscht komm dunn, no Drock vun eenzelnen Associationen an no enger ganz pertinenter Remarque vum Staatsrot dach nach Bewegung an d'Saach. D'Majoritéit huet proposéiert bei der Definitioun vun der Psychotherapie am Artikel 1 z'ergänzen: "Ce traitement va au-delà d'un accompagnement sous forme d'aide psychologique visant à faire face aux difficultés courantes ou d'un rapport de conseils ou de soutien" fir ze definéieren waat d'Psychothérapie nët ass. D'Propose vun der CSV fir den Ausdrock "difficultés courantes" méi ze präziséieren fir d'Problematik nët ze banaliséieren an duerch "difficultés affectives et relationnelles" z'ersetzen, gouf och verworf. Am Artikel 3 gouf vun der Majoritéit proposéiert de Passus "même accessoirement ou occasionnellement" waat den Exercice vun der Psychothérapie an den Titel vum Psychotherapeut ugeet, eraus ze huelen an domatt keen vun den uewen genannten Akteuren an d'Illegalitéit ze setzen, well déi nët haaptberufflech psychotherapeutesch schaffen.

D'CSV huet begréisst datt d'Regierungsparteien hei asiichteg gi sinn. Mir sinn allerdéngs nach wie vor der Meenung – an déi gët vu ville Leit um Terrain gedeelt – datt eisen Amendementstext vill méi kloër

gewierscht wier an eng méi grouss Rechtssécherheet bruecht hätt. Deemno wir et elo prinzipiell méiglech, vu dass keng weider Critèren bestinn, datt Persounen psychotherapeutesch Techniken, zousätzlech oder geléentlech, kéinten uwenden ouni ee Minimum un Formatioun,. Daat kéint eng geféierlech Hannerdir opmaachen fir méiglech Abuën. An Däitschland ,z.B., ass dee Problem ugaang duerch d'Heilpraktikergesetz dat et erlabt, dass "Heilpraktiker für Psychotherapie" zu gewëssenen Konditiounen ze praktizéieren, mee si dierfen den Titel vum Psychotherapeut nët droen.

Di psychanalytesch Gesellschaft vu Lëtzebuerg färt weider, dass d'Psychanalyse giff an d'Illegalitéit falen an hire Stellewert hei am Land verléieren. Hier Situatioun ass insgesamt méi komplex, wëll et wier hir Formatioun keng Ausbildungs-Viirbedingung gött.

Et weidere Problem besteet wuel doran datt déi meescht Instituter etc. déi eng Psychanalysten-Formatioun ubidden, keng Diplomer ausstellen, mais eben dono hir Leit an den Annuaire vun hirer Schoul ophuelen.

Dofir huet d'CSV nach eng Kéier virun dem Ofschloss vun den parlamentareschen Aarbechten proposéiert fir am Gesetz festzehalen, dass d'Psychanalyse an den Titel vum Psychanalyste nët betraff wieren.

Ënnerstézt gouf eisen Amendement iwregens vun Ufank un vun der politescher Sensibilitéit vun "Déi Lénk". Merci dofir!

D'Majoritéit huet dëst nees verwerf a no längerer Diskussiounen huet den Rapporteur dunn e Passage, mat Referenz op dat Belscht Gesetz, am Commentaire des articles vum 1. Artikel bäigesat deen hinnen soll hoffentlech Rechtssécherheet ginn, wat mir als CSV begréissen. Dat heescht, och wann se d'Conditionen nët giffen erfëllen fir den Beruff vum Psychotherapeut iwert de Wee vun den Iwergangbestëmmungen, dierft kee Problem sinn fir weider d'Psychanalyse ënnert dem Titel "Psychanalyst" z'exercéieren.

D'Zouloossungsconditionen sinn de Schlësselpunkt vun dem neien Beruff vum Psychotherapeut.

Den Text gesäit jo fir datt een entweder Psycholog oder Dokter muss sinn fir no sénger psychotherapeutescher Ausbildung och als Psychotherapeut kënnen ze schaffen.

- De Schwéierpunkt beim Psycholog leit bei der klinescher Psychologie. Klinesch Psychologie heescht awer nët, dass se an der Klinik stattfënd. Si huet eng Approche wou se kuckt a probéiert virun allem de Mënsch ze verstoen an de Sënn vun deem psycheschen Problem oder Konflikt, deen e mat sech dréit. De klinischen Psycholog weist zolitt Kenntnisser iwert di psychesch Krankheitsbiller op an ass och forméiert fir di psychologesch Problemer ze diagnostizéieren. Dofir ass et wichteg, dass di verschidden aner Psychologiediplomer déi sollen unerkannt ginn och genuch Formatiounsunitéiten an der klinescher Psychologie virweisen.

- Den Dokter deen de Beruff vum Psychotherapeut wíelt, huet och e Bagage fir medezinesch Diagnosen ze stellen: Hee verzicht awer wuelverstanen dann als Dokter ze praktizéieren.

Fir eng richtig Diagnos ze stellen sinn seriös Kompetenzen AN Zäit gefrot. Den Psychotherapeut muss d'Stéirung, déi d'Uersaach vun der Beroodung ass, duerch eng Anamnèse, also duerch eng Analyse vun der Liewensgeschicht vum Patient an de richtigen Kontext sätzen. Di zougelossen Beruffer bréngen jiddefalls dës Baisisvoraussetzungen scho mat ier se sech an der Psychotherapie spezialiséieren.

Historesch ass et jiddefalls, dass éischtmoleg hei zu (L) offiziell eng Therapie dierf vun engem aneren Beruff ausgübt ginn wéi vun engem Dokter. D'CSV begréisst ausdrécklech d'Ouvertüre fir och engem aneren Beruffstand wéi den Dokteren, d'Méiglechkeet ze ginn fir als Psychotherapeut tätig ze sinn.

Eng Valorisation ,also, fir deen nach relativ jonken Beruff vum Psycholog. Nët nëmmen de Beruff vum Psycholog huet e weide Wee gemaach hei zu Lëtzebuerg an all deene Joeren, mee och d'Psychologie. Et sief kuerz un eis Pionnéier vun der Psychologie hei zu Lëtzebuerg erënnert, d' Professer- Psychologen Dr. Gaston Schaber, Dr. Paul Dickes, Dr. Bib Ewen an den Neuropsychiater Dr Fernand Hastert.

Haut ass de Beruff vum Psycholog enorm diversifiéiert.

- Am Enseignement, am Santé'sberäich, am Familljeberäich, der Justice, der Police, der Armée an der Protection civile, grad wéi fir d'Wirtschaft an d'Arbechtswelt a, méi rezent, och d'Verkéisers- an d'Mobilitéits-Psychologie. Ervirzesträichen ass, dass entretemps och eng relativ grouss Zuel vun Psychologen agréiert sinn fir eng eegen psychologesch Praxis ze bedriewen.

Här President, léif Kollegen a Kolleginnen,

Ech hoffen, Dir hutt Verständnis fir mäin klengen Exkurs an d'Welt vun der Psychologie. Et sollt en Hommage sinn un d'Pionnéier vun der Psychologie hei zu Lëtzebuerg.

D'Psychologie an d'Psychologen sinn jiddefalls nët méi aus eiser Gesellschaft ewech ze denken. Grad sie vun vir eran interdisziplinär ausgeriicht. An all deenen Joeren huet sech eng Kultur vun multidisziplinärer Approche an Zesummenaarbecht entwéckelt innerhalb vun engem gesamten Hëllefssystem ronderëm de Mënsch.

Här President,

D'Gesetz verlaangt en Mindestsockel vu Kenntnisser a Kompetenzen déi di Interesséiert müssen no hirem Basisdiplom an hirer psychotherapeutischer Zousazausbildung virweisen kënnen.

E vun de groussen Kritikpunkten bleiwt, dat seet och d'SLP, dass de Kursus vun de Studien an ECTS Krediter ausgedréckt ass, d.h. als



European Credit Transfer System am Kader vum Bologna Prozess, an nët a Stonnen. Den Text geseit keen Ëmréchnungsschlëssel fir, wivill Stonnen die 70 ECTS giffen ausmaachen. Dat wier also de facto e Monopol fir d'Uni's Ausbildung! Domat awer wieren d'office all Persounen ausgeschloss, an dat sinn der vill, déi hier psychotherapeutesch Formatioun an nët-universitären Institutur gemaach hunn. Dës Institutur sinn awer, laut EU Richtlinnen, nët autoriséiert fir ECTS z'accreditéieren a kënnen legal gesinn nëmmen d'Stonnenzuel zertificéieren. An Däitschland ass dat kee Problem, well do d'Méiglechkeet besteet als Ausbildungsinstitut unerkannt ze ginn.

Et as gewosst dass d'UNI Lëtzebuerg schon am Virfeld vun dësem Gesetz zënter Hierscht 2013 e Master an der Psychotherapie ubidd an domat scho vu vir eran gewëss Standaren festgeluet huet. Di Formatioun ass war villsproocheg, mee vleit nët esou villsäiteg wéi wünschenswert. Si ass nämlech besonnesch verhaltenstherapeutesch orientéiert. Hei en Appel, seitens der CSV, fir d'UNI matanzebezéien fir d'Formatioun vum Master verstärkt ze developpéieren a Richtung vun engem Enseignement duerch, wa méiglech, Professer- Psychotherapeuten, vun nach méi verschiddenen psychotherapeuteschen Methoden, axéiert op verschidden Alterskategorien an Typen vun psycheschen Stéirungen esou wéi et och an der Praxis de Fall ass. Och d'Recherche wier nach méi ze fördern.

Nach eng Remarque zu der Supervisoun vum prakteschen Stage, deen den Student muss während senger Formatioun maachen. Hei huet d'CSV insitéiert, dass dee Stage nët exklusiv am Spidolsmilieu dierf stattfannen.

Den Text schwätzt d'Formation continue vun de Psychothérapeuten un. Do gët awer nët drop agaang, wéi do de Suivi ass an, ob a wéi kontrolléiert gëtt.

Wann een esou op d'Qualitéit pocht wéi dat elo soll zu Lëtzebuerg de Fall sinn, da misst een awer och dës Weiterbildung méi preziséieren, eppes wat mir als CSV am vireleienden Text vermessen.

D'CSV hat séch och staark gemaach fir gutt Sproochekenntnisser vun den Psychotherapeuten, wëll d'Sprooch ass d'Aarbechtsinstrument woumat en den Patient behandelt. Den Psychotherapeut muss an enger Sprooch schwätzen, déi den Patient versteet, wat besonnesch wichteg ass am Fall vun enger psychescher Kriis, wéi bei Selbstmordgefor! D'Regelung ass elo di selwecht wéi déi fir Dokteren a laut EU Virgaben kéinte mer nët méi froen. D'CSV färt, dass dat nët duergeet, fir dësen Typ vun Aktivitéit. Ech gesinn schlecht en Dolmetscher an enger psychotherapeutescher Séance derniewent sétzen; wëll soss kéint déi mol vleit hier therapeutesch Wierkung verfeelen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,

E ganz grouse Punkt ass d'Unerkennungsprozedur vun den psychotherapeuteschen Formatiounen déi no der Basisausbildung gemaach ginn. En attendant, dass vleit eng Kéier eng harmoniséiert europäesch Regelung vum Beruff vum Psychotherapeut kënnt, gött d'Gesetz vun 2009 dat d'EU-Direktive vun den reglementéierte Beruffer ëmsëtzt, ëm de Beruff vum Psychotherapeut erweidert a leit ënnert der Kompetenz vum Héichschoulminister

D'Angscht vu villen Professionnellen, déi elo schon um Terrain als Psychotherapeut schaffen, elo am gaang sinn ze studéieren oder déi séch wëllen als Psychothérapeut ausbilden loossen, ass wéi eng Diplomer an Titelen aus dem Ausland unerkannt ginn. Onkloer ass wat fir eng Zousazformatioun respektiv Kompensatiounsmoosnam se ënner Ëmstänn müssen nomaachen?

Hei dierf keen Arbitraire opkommen! Hei müssen transparent an objektiv Critèren opgestallt ginn! Ech verweisen och op d'Stellungnam vun der Regierung zur Motioun vum 18. Dezember 2014 vu ménger Fraktiounskollegen Martine Hansen, wou se d'Regierung opfuerdert d'Unerkennungsprozedur bei den Gesondheits- a Sozialberuffer z'evaluieren an ze verbessern. D'Gesetz muss effektiv ugepasst ginn, well eng nei Versioun vun der EU-Direktive virgeseit fir d'Prozedur ze vereinfachen a virun allem esouwuel de Refus wéi esougenannten Kompensatiounsmoosnamen obligatoresch müssen justificéiert ginn.

Et wier jiddefalls all Concernéierten wärmstens unzeroden sech säin auslänneschen Psychotherapeutendiplom oder –Zertifikat offiziell a séngem Studienland unerkennen ze lossen, ier en seng Demande zu Lëtzebuerg erareecht.

Potentiell kéinten, schätzen ech, tëschend 600-700 Psychologen an Generalisten, plus e bësse méi wéi 1.500 Studenten betraff sinn.

Begréissenswert ass jiddefalls an den Aen vun der CSV, dass d'Iwergangsbestëmmungen nodréiglech opgelockert goufen. Esou kréien och déi Professionnell mat enger anerer Basisausbildung nach während 3 Joer och d'Méiglechkeet unerkannt ze ginn, wann se en aneren Diplom Titel oder Certificat hunn a wann se mindestens 450 Stonnen speziell Formatioun a Weiderbildung an der Psychotherapie hunn oder mindestens 5 Joer psychotherapeutesch Praxis kënnen virweisen. Déi hätten soss och all riskéiert an d'Illegalitéit ze faalen! Mier wëssen awer net wivill dat der wärte sinn...

Hei stellen ech mer d'Froo virwaat den Collège médical eleng an d'Spill kennt fir de Volet vun der Psychotherapie unerkennen an den Conseil scientifique just en Avis gött? De Collège médical bestëmmt iwregens och d'Psychologenvertrieder fir dee Conseil!

Jiddefalls kréien den Collège médical an de Minister hei en enorme Pouvoir fir cas par cas ze décidieren op den Certificat oder Diplôme deen se hunn als equivalent unerkannt gët. D'CSV hätt kloer an transparent Regeln virgezunn a fënnt et net gutt vill Leit am Onklooren geloos.

Ech wëll daat nët weider kommentéieren, ech wëll awer drop hiweisen datt an Däitschland z.B. och Pedagogen kënnen Psychotherapeut ginn, wann déi Schoul op d'äer se hir Formatioun maachen, daat erlaabt. Dat ass de Fall fir d'Kanner an Jugendpsychotherapeuten, déi souguer deelweis engem Facharzt gläichgestallt sinn. Bei eis ass déi Diir zou. Et ass just an den Dispositions transitoires vum Projet de loi virgesinn. A waat maachen déi, déi ënnerwee sinn an nët innerhalb vun de nexten 3 Joer färdeg sinn, vu di laang Dauer vun hirer Formatioun an dass d'Konditiounen vun der Stee jo nët bekannt waren?

An nach d'Fro un d'Regierung: wat fir Ressourcen gedenkt se anzesétzen maachen fir deen initialen Ustuerm vun Zoulossungsdemanden an Diplomenerkennungsdemanden an engem raisonnablen Délai ze bewältegen?

De wëssenschaftlechen Bäirof vun der Psychotherapie huet ausserdeem e Wiertchen matzeschwëtzen beim Curriculum vun der Formatioun hei zu hei am Land an en decidéiert iwert di hei zu Lëtzenueg zougelassen Therapiemethoden.

Och wann séng Kompositioun am Gesetzestext definéiert ass fuerdere mer d'Regierung en Kandidaturopruff ze maachen fir en esou multidisziplinär a polyvalent wéi méiglech ze gestalten.

A méngen Aan ass et och enorm wichteg datt den Conseil scientifique wierklech ëmmer op aktuellsten Wëssensstand ass an datt si wann néideg séier kënen réagéieren wann z.B. nei Methoden dowäert sin fir

unerkannt ze gin. De Conseil muss wierklech eng Plus-value vun eisem System duerstellen.

Ech ruffen an Erënnerung, dass d'Deklaratioun vu Stroosbuerg zur Psychotherapie vun 1990, op déi sech d'Regierung beriff, och festgehal huet, an daat huet den Här Engel nët gesot, dass d'Diversitéit vun den psychotherapeuteschen Methoden muss assuréiert an garantéiert sinn. D'CSV ënnerstëtzt dat.

Flexibilitéit ass jo schéin a gutt, mee dem Conseil scientifique sein internt Reglement misst, an den Aen vun der CSV, methodesch Critèren fixéiren déi nët nëmmen d'Wëssenschaftlechkeet, mee och d'Pluralitéit vun den therapeuteschen Methoden garantéiren.

Am Kontext vun der Berufsregelung insgesamt verweisen ech och nach fir weider Denkestéiss op déi bestéend international Richtlinnen fir Psychotherapeuten vun der EAP Europäesch Associatioun vun den Psychotherapeuten déi iwer 120.000 Psychotherapeuten vertritt an déi Member ass vum Weltrot vun der Psychotherapie (WCP). De Moment stinn 3 Lëtzebuerger Psychotherapeuten op deem Register.

A selbstverständlech och un d'Richtlinnen vun der Europäescher Federatioun vun den Psychologie Associatiounen, EFPA.

Et muss een séch eent och bewosst sin: fir vill Leit dobaussen gët den Ënnerscheid nët gemaach tëscht engem Psychologue, engem

Psychanalyste , engem Psychiater, engem Psychothérapeute oder soss engem psychopädagogeschen a sozialen Beruff gemaach. De Clientën oder besser de Patienten ass et am Fong wichteg, datt si gehollef kréien. Bei deen een passt déi eng Approche besser, bei deen aneren eng aner. Et ass un der Politik de Patienten e Kader ze offréieren an deem se sech sécher sin datt do wou “Psychothérapeut” drop steet, och “Psychothérapeut” dran ass. D’Patienten müssen virun Scharlatanen geschützt gin. Et riskéiert awer eng Veronsécherung bei de Leit ze bleiwen, well eng ganz Rei therapeutesch Beruffer, déi hier Preuven gemaach hunn, zu Lëtzebuerg nët reglementéiert sinn, wéi den Psychanalyst, den systemeschen Familljenthérapeut, de Musikstherapeut, den Konschttherapeut, fir nëmmen déi ze nennen. Dat wier eng Aufgab fir d’Zukunft.

A besonnesch wichteg ass et de Public, mee virun allem di betreffen Leit an di Professionnel, déi an der 1. Linn schaffen gutt z’informéieren an opzeglären an eng nei Kultur ronderëm de Wuertgebrauch vun “Thérapie” ze schaafen.

Virwaat dat nët an eng Preventiounscampagne fir di psychesch Gesondheet an di fréi Detectioun vun de psycheschen Stéirungen apaaken? Do missten och d’Medien matagebonne ginn.

A virwaat nët och en userfrëndlechen Guichet unique “Santé mentale” schaafen?

E puer Remarken iwert de **BERUFFSTAND**

Zu den deontologeschen Regeln, déi an deem Beruff en absoluten Must sinn, den Hiweis, dass dat weder Neiland fir d'Dokteren, nach d'Psychologen ass.

D'Psychologen sinn z.B. hei zu (L) an der SLP, Société Luxembourgeoise de Psychologie regroupéiert, déi och Member ass vun der Europäescher Federatioun vun den Psychologen-Associatiounen (EFPA). D'SLP huet sech iwregens schon 2001 en Code de Déontologie ginn, deen vun der EFPA approuvéiert gouf.

2 Froen un d'Madame Minister zum Collège médical, zu deem deen neien Berufsstand zouguerdnet gëtt.

- De Beruff vum Psychotherapeut ass en autonomen Beruff. An Däitschland gëtt z.B. eng eegen Psychotherapeutenkammer niewt der Ärztekammer. Fir wéini soll di Reorganisatioun vum Collège médical, déi am Tirang leit, am Sënn vun enger méi grousser Onofhängegkeet vun den verschiddenen Ordren kommen?
- Bestinn Iwerschneidungen vun dem Informatiouns- a Mediationszerviss aus dem Patientegesetz par rapport zur Schlichtungsfonktioun vum President vum Collège médical am Fall vu Litigen?

Mein leschten Schwéierpunkt geet ëm d'Plaz vun der Psychotherapie an eisem Gesondheetssystem.



E Gesondheetssystem, dee sech modern a performant wëll ginn, muss hautesdaags och d'Psychothérapie virgesinn an och a kloër définéierte Fäll an no transparente Regeln rembourséieren. Dofir ass et fir mech onverständlech, virwaat de Gesondheitsministère nët parallel d'Preparativen vun der Prozedur lancéiert huet bei der Nomenclature'skommissioun, wou d'Acten definéiert ginn fir den Remboursement vun der Gesondheetskees, CNS. Quitte, dass de neien Groupement vun den Psychotherapeuten als den Verhandlungspartner, nach muss gegrënnt ginn. An ech fuerderen d'Regierung op dës Grënnung proactiv matzebegleeden an d'Prozedur fir CNS, wou jo och d'Berechnungen vum Käschtepunkt gemaach ginn, esou schnell wéi méiglech unzekuerbelen.

Mee dofir miss teen op deer anerer Seit och mol wëssen wéivill eis di psychesch Problemer de Moment insgesamt, och wirtschaftlech kaschten.

Virwat nët och auslännesch Expèrën matbäizéien?

D'Patienten stinn um Spill an si mussen de Moment schon ze laang Waardezäiten a Kaaf huelen. Hei ass an den Aen vun der CSV kostbar Zäit verluer gaang!

D'CSV huet d'Froo e puer mol opgeworf. D'Regierungsvertrieder ëmmer erëm gesoot gouf datt elo emol de Beruff géif geregelt ginn, an eréischt an enger 2. Etape d'Prise en charge vun der Sécurité sociale. Fir d'éischt den Inhalt, an da kucke mer!

D'CSV huet och d'Fro vum internationalen Referenzkader gestallt fir di psychesch Krankheeten ze definéieren. D'Majoritéit wollt dat nët an den gesetzestext afléissen lossen aus Flexibilitéitsgrënn. Genannt ginn ass ICD 10, di 10. Versioun vun der International Krankheeten Klassifizéierung vun der Weltgesondheetsorganisatoun.

Di Interpretatioun ass awer nët ëmmer evident.

D'Gretchenfrage bleiwt nämlech, wat ass eng psychesch Krankheet, also en Trouble mental? Grad op di do Schwieregkeet weist d'CNS hinn an hirem Avis.

Wëlle mer eng Medikaliséierung vun de psycheschen Problemer an inwiefern ass se sënnvoll?

Wëlle mer e puer Zorten vun Leit? Mer kréien déi eng déi en charge geholl ginn an di aner déi näischt kréien an déi déi en Charge geholl laafen ginn laafen iwert d'CNS oder iwert den Staatsbudget. Féiert daat nët zu engem Contentieux's Risiko?

Mir hunn dës politesch Diskussioun awer nët gefouert! Wann di psychesch Krankheeten a Problemer eis Gesellschaft an eis Wirtschaft eis esou vill kaschten, gëtt et eis dann méi bëlleg fir d'Problemer en charge ze huelen wann se nach kleng sinn, ier se zu enger Krankheet ginn?

Hei fuerderen ech d'Regierung op koordinéiert virzegoen am Dialog mat allen Acteuren!

Här President, léif Kollginnen a Kollegen,

De Beruff vum Psychotherapeut hänkt nët an engem loftleeren Raum, mee ass e weidert Glidd an der therapeutescher Ketten. D'Regelung vum Beruff soll hir Plaz am Kader vun eisem gesamten Hëllefssystem fannen.

Leider waren d'Majoritéitsparteien allzeoft nët gewëllt, sech richtig am Fong domatt ausernaaner ze sétzen. D'CSV huet demno nët déi néideg Satisfaktioun kritt an dofir wärt eis Fraktioun séch och bei der Ofstëmmung enthalen!

D'Gesetz geet an di richtig Richtung, mee et muss praktikabel sinn. Et ass e komplext Gesetz an, an den Aen vun der CSV, wier gutt wann d'Regierung sech bei sénger Applikatioun vun engem "Steering Group" mat externen Expèren giff dobäi beroden lossen. Demno wier och wënschenwert eng Evaluatioun herno ze maachen, woubäi d'Meenung vun de Patienten, di europäesch Gesetzgebung an d'Evolutioun vun de psycheschen Stéirungen mat considéiert ginn.

Dofir deposéieren ech hei eng Motioun, déi d'Regierung opfuerdert, d'Gesetz nom Vote nët nëmmen esou séier wéi méiglech z'applizéieren, mee och meng konstruktiv Proposen zesummefaasst, déi ech am Kader vu ménger Ried presentéiert hunn. Dofir a ginn ech elo nët méi am Detail drop an.

Ech wier frou wann di Motioun vun deem engen oder aneren mat  
ënnerstétzt géif!

Merci fir Är Opmierksamkeet